# Camp : Bar

Op grousse Campen oder och op der Kiermes um Truppecamp.

## Gedrénks

**Softdrinks** :: Et gi vill Alternativen zu de grousse, bekannte Marken. Deelweis och regional Produiten bzw. Produiten, déi aus dem noen Ausland kommen. Fir Offall ze reduzéiren, gëtt mat Mehrweg-Fläsche geschafft.

**Jus** :: fir gudde, regionale Jus a Glasfläsche muss ee just an den nächste Supermarché goen.

**Sirop** :: als Firbereedung op de Camp ka fréscht Uebst oder agefrueren Uebst vun der Saison firdrun zu Sirop verkacht ginn. Heizou fënnt ee vill Rezepter a Bicher an am Internet.

**Béier** :: Wat Transport a Spull ugeet, si Béierfässer méi ökologesch (an ökonomesch) wéi Kajoten.

**Becheren/Glieser** :: Fir Offall ze reduzéiren, gëtt wa méiglech mat grousse Fläsche a Bechere/Glieser geschafft. Bechere muss een och net fir all Camp nei printe loossen, mee et kann een der lounen oder vun ale Campen de Reschtbestand huelen. E neutralen (net Camp-spezifeschen) Becher, dee wärend puer Campe benotzt gëtt, wier eng Léisung, iwwert déi op Verbandsniveau nogeduet kéinnt ginn.

## Waarmt Gedrénks

**Kaffi** :: ass e Produit, fir deen et vill Fairtrade-, Bio- an/oder regional Produite gëtt.

**Téi** :: gëtt et regional hei am Land ze fannen (z.B. Téi-vum-Séi a vill anerer). Oder et geet ee bei de Chalet oder bei de Chef an de Kräidergaart kucken a verbënnt dat am Firraus mat enger flotter Versammlung.

**Zocker** :: Zocker an Tittecher gëtt ersat duerch Wierfelzocker. Och hei ginn et Fairtrade-Marken.

**Mëllech** :: Op engem Camp gëtt allgemeng genuch Mëllech gedronk fir datt déi a grousse Quantitéiten direkt beim Bauer ka kaf ginn(Och wann deen keng Mëllechtankstell huet). Eng Mëllechtankstell um Camp selwer ass och eng eventuell Léisung. D'Bar kann sech do all Dag seng Ratioun siche goen dann.

## Snacks

**Produiten** :: Alternativ zu de grousse Marken fënnt een och regional Marken, déi deelweis och op Logoen wéi Fairtrade a Bio wert leeën. Verschidde Bäckeren/Patisserien produzéieren z.B. och Riegelen aus Schockola oder Nëss. Fir all déi lokal Produiten mécht et Sënn beim Produkzent nozefroen op een de Produit a grousse Quantitéite ka kréien.

**Packungen evitéieren** :: Eenzel Portiounen u Chipsen asw. kënnen op engem Camp a klenge Schossele eraus goen. Sou gëtt opmanst e bësse Verpackung gespuert.

## Fëmmen

Am Fëmmeck steet en Äschebecher a Form vun enger Metallschossel souwéi eng schwarz Dréckskëscht oder Tut. D'Zigaretten sollen am Äschebecher ausgedréckt ginn an dann an d'Dréckskëscht geheit ginn. Zousätzlech ass eng Kiwwelsprëtz firgesinn, fir sécher ze goen, datt keng Feiergefor an der Dréckskëscht besteet. Esou geréid manner Tubak op d'Wiss a soumat an d'Ofwaasser.

Wisou kee Sandäschebecher? De Sand mat de Zigarette muss als schwaarzen Offall entsuergt ginn, wat dat Ganzt immenz ressourceverschwendent mécht.

Wëll ee mat Taschenäschebecher schaffen um Camp, sinn PET-Rohlinge eng gutt Méiglechkeet. Hefir ka bei engem Fläschenhirsteller nogefrot ginn.

## Allgemeng

Wäschbar Schwämm oder einfach banal Spulllompen benotzen (déi vum Waschbär sinn empfehlenswert an kaschten och just 3.5€ d'Stéck)

---

> Lëtzebuerger Guiden a Scouten
> Arbechtsgrupp Nohaltegkeet
> nohaltegkeet@lgs.lu

*Camp : Bar, Editioun vum 12. September 2021*

---